


**GRATIS SCHOULBICHER
FIR DE LYCÉE**

VUM 29. JULI 2024 UN



LÉIWE SCHÜLER, LÉIF SCHÜLERIN, LÉIF ELTEREN

Zanter der Rentrée 2018/2019 sinn déi obligatoresch Schoul-bicher fir Schüler am Enseignement secondaire an an der Berufsausbildung gratis. D'Regierung entlaascht op deem Wee all d'Famillje bis zu 450 Euro pro Schouljoer a Kand, jee no Klass a Schoultyp. Mir stäerken domadder d'Gratuitéit vun der öffentlecher Schoul, an der Kontinuitéit vun deem, wat schonn an der Grondschool existéiert.



Eng Applikatioun mat engem personaliséierten a gesécherten Zougang erlaabt et dem Schüler, d'Bicher erauszesechen, déi duerno am Bichergeschäft kënnen ofgeholl ginn, ouni mussen ze bezuelen.

Mir wëllen awer och en nohaltegen a verantwortungsvollen Ëmgang mat de Schoulbicher encouragéieren. Wien op gebrauchte Bicher zeréckgräift, kritt duerfir e Bong fir aner Bicher an der Héich vu 50 Prozent vum Neiwäert vun deene Bicher, déi net iwwer d'Applikatioun geholl goufen.

D'Gratuitéit vun den obligatoresche Schoulbicher huet keen Impakt op d'Allocatioun fir d'Schoulrentrée oder op aner finanziell Hëllef. Si ass e reelle Virdeel fir Är Famill.

Mat beschte Gréiss

CLAUDE MEISCH

Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend



AN DËSE LIBRAIRIË KRISS DU DENG BICHER:

Librairie Ernster: Bascharage, Bertrange,
Ettelbruck, Luxembourg-Centre,
Luxembourg-Gasperich (Cloche d'Or), Mersich

Librairie Diderich: Esch-sur-Alzette

Librairie des Lycées: Luxembourg-Limpertsberg

Samkats: Echternach

ChrisTina's Bicherbutikk: Wiltz

Le monde du livre: Dudelange

Librairie Um Fieldgen: Luxembourg-Gare


Librairie Zimmer: Diekirch

Biba sàrl: Marnach



1

GÉI OP WWW.MYBOOKS.LU



APP

2

KLICK OP DEN „APP BUTTON“.



IAM

3


CONNECTÉIER DECH MAT DENGEM IAM-LOGIN.

Hei gesäis du däi Profil mat denger Bicherlëscht.

4

MAACH DÄI CHOIX VUN DE BICHER.

Fir all obligatorescht Buch, dat s du net nei braucht, kriss du e Bong fir aner Bicher am Wäert vu 50% vum Buchpräiss.



Oppassen! Du kanns de Bicherbong direkt oder méi spéit aléisen. En ass gülteg bis den 28. Juni 2025. Mam Bong kanns du aner Bicher wéi déi obligatoresch Schoulbicher kafen.


5

GÉI MAT DENG APP AN D'LIBRAIRIE.

Wann s du keen Smartphone oder Tablett hues, muss du d'Barcode vum denge Bicher virdu printen.




Wichtig! Kontrolléier, ob däi Choix richtig ass. Wann d'Codë bis gescannt sinn, kanns du deng Bicher net méi ëmtauschen.



6


LOOSS DENG BARCODEN AN DER LIBRAIRIE SCANNEN.



VUM 29. JULI 2024 UN

7

DU KRISST DENG GRATIS BICHER.



HELPPDESK ?

Vum 29. Juli un:
CGIE - Tel. 247-85999
mybooks@men.lu
Vum 29. - 31. Juli
a vum 2. September un
och an denger Schoul.